




Commune de Fischbach

Informationsblad



Info 1/1999

Fäschber Gemengeblat

2000-2018

50 Blieder

D'Fäschber Gemengeblat feiert. Et feiert seng 50. Ausgab, zanter dem Joer 2000.

Am Joer 1999 koumen zwee Informationsblieder eraus, déi vun der Gemengenadministratioun zesumme gestallt goufen. Et ware Fotokopien, déi zesumme geheft gi sinn. Et war den Ufank vum Fäschber Gemengeblat N° 1.

Enn 1999, de Fern Braun war Buergermeeschter, huet hie mech gefrot, anscheinend war ech deen eenzegen deen deemools eng ongeféier Anung vu Layouten hat, op ech gewëllt wier ee méi professionellt Blat ze maachen. Ech hu gezweiwelt op ech datt kéint, mä et war schwéier dem Fern eppes ofzeschloen an esou hunn ech den Challenge ugeholl.

Dat éischt Blat war net onbedéngt de Glanz, et ass vu Verschiddener zerrappt ginn, et war nach net richtig eraus. Mä opgi war keng Optioun an et konnt nëmme besser ginn.

Obwuel ech deemools, wéi och haut nach ëmmer, kee Veräinsmënsch war, hat ech awer Leit aus eiser Gemeng déi mir vun Ufank un zur Hand gaange sinn.

Enn 2006 huet deen deemolege Schäfferot mat vir op der Buergermeeschtech, Marianne Brosius-Kolber, mir ee Redaktiounsteam zur Verfügung gestallt, esou datt e mir du zu enger 7 Redaktere waren. Et waren dëst: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Rol Miny, Frank Weyrich a Ren Spautz.

Mä och mir eleng hätten ouni déi grouss Ënnerstëtzung vu ganz ville Leit aus eiser Gemeng, net déi Kalitéit vu Blat eraus kënnen ginn, déi eist Blat haut duerstellt.

Et gëtt integral vu Bénévoler gemaach, vun den Artikelen, Fotoen bis bei de Layout, alles ass d'Aarbecht vu Fäschbecher Bierger. D'Redaktiounsteam suergt esouguer fir datt all Stot säi Blat an der Boîte leien huet.

Fortsetzung op der zweetleschter Säit

Abrëll 2000 N° 1



**Fäschber
Gemengeblat**

Dezember 2004 N° 10



**Fäschber
Gemengeblat**

Dezember 2008 N° 20



**Fäschber
Gemengeblat**





DEZEMBER 2018 N° 50



FÈSCHBER
GEMENGEBLAT

Layout: Ren Spautz

Redaktioun: Sven Bettendorf, Marianne Brosius, Marie-Louise Haas, Dany Hermes, Marc Kolber, Roland Miny, Delphine Notarnicola, Ren Spautz, Lis Weber, Frank Weyrich.

Mataarbechter: Viviane Thill, Daniel Hottua, Olivier Molitor, Sarah Bamberg, Paul Brosius, Roger Kolber, Laurence Anciaux, Laurent Schiltz,

Korrektur: Laurence Anciaux, Frank Weyrich.

Drock:

Print Service Mechtel, Luxembourg

Seite 1: Aktuell Redaktiounsteam

Seite 2: Virwuert

Seite 3: Virwuert & Projeten

Seite 4: Zirkus Angsberelli

Seite 5: Krautwëschdag

Seite 6: Hämmelsmarsch

Seite 7: Grand-Age

Seite 8: Nei Redaktiounsmemberen

Seite 9: Schouljoer 2018-2019

Seite 10: Schouljoer 2018-2019

Seite 11: Schouljoer 2018-2019

Seite 12: Schouljoer 2018-2019

Seite 13: Schouljoer 2018-2019

Seite 14: Schouljoer 2018-2019

Seite 15: Schouljoer 2018-2019

Seite 16: Schouljoer 2018-2019

Seite 17: Schouljoer 2018-2019

Seite 18: Olivier Molitor

Seite 19: Olivier Molitor

Seite 20: Aktivitéitskalenner

Seite 21: Aktivitéitskalenner

Seite 22: Etat Civil

Seite 23: 20 Joer Wiichtelcher

Seite 24: Hobby-Säit

Seite 25: Hobby-Säit

Seite 26: Senioren op der Rees

Seite 27: Senioren op der Rees

Seite 28: Quiz

Seite 29: Bamplanzen-Neigebuerener

Seite 30: Gemengerotssëtzung

Seite 31: Gemengerotssëtzung

Seite 32: Gemengerotssëtzung

Seite 33: Bamsetzen-Neigewiehlten

Seite 34: Fairtrade-Gemeng Fëschbech

Seite 35: Dag vum Bam, Naturpark

Seite 36: Ökologesch Botzen

Seite 37: Promenade mycologique

Seite 38: Sprichstonn mam Schefferot

Seite 39: Vakanzen d'Job fir Studenten

Seite 40: Wanter & Freedefeier

Seite 41: Annonce MR-Schous

Seite 42: De Kleesschen an der Schoul

Seite 43: De Kleesschen an der Schoul

Seite 44: Gléckwënsch

Redaktiounsschluss: 12. Abrëll 2019

VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen,
léif Matbierger,

Säit engem gudde Joer ass deen neie Schäffen- a Gemengerot am Asaz. Op dësem Wee wollt echlech nach nodréiglech ee grouse Merci soe fir äert Vertrauen dat Dir mir bei de Wahlen 2017 geschenkt hutt.



Den neie Schäffen- a Gemengerot huet vill Pläng an awer och esou munche Réckstand oder ugefaangenen Dossier opzeschaffen. Trotzdem goufe Projekte realiséiert oder op d'Schinn gesat déi an eisen Ae wichteg sinn, wéi zum Beispill :

- D'Angsber Schoul ass mat engem Beamer an all Klassesall equipéiert ginn, an d'Zuel vun den Laptopen fir d'Schüler ass opgestockt gi fir och d'Schoul eiser haiteger Zäit unzepassen.
- D'Isolatiounsarbechten an eise Klassesäll waren dringend noutwendeg : d'Säll vum Cycle 2 si fäerdeg, de Cycle 3 a 4 ginn an den nächsten 2 Phase gemaach.
- Een Terrain Multisport hannert der Angsber Schoul fir d'Schoul, d'Maison Relais, eis Jugend an all d'Leit aus eiser Gemeng ass gestëmmt a soll virum Summer fäerdeg sinn.
- Eng besser Beliichtung vun den Zebrasträifen, d'Verréckele vun deem engen oder aneren Zebrasträife grad wéi méi Secherheet um Schoulwee an d'Verkéisberouegung ass ee grouse Projet deem seng éischt Phase méttlerweil gestëmmt ass an deemnächst ëmgesat gëtt.
- Och de Mammut-Projet Maison Relais hoffe mir deemnächst endlech kënnen definitiv ofzeschléissen.
- En neit multifunktionell Gefier (Hoflader) fir den technesche Service ass gestëmmt.
- Eng Vergréisserung vun der Spillplaz op der Héicht hannert dem Veräinshaus ass geplangt an och gestëmmt.

Zu verschiddene genannte Projeten, an och zu aneren, fand Dir op der nächster Säit eng Rei Fotoen.

Säit August ass d'Marlyse Broers an der Pensioun an d'Michèle Scholtes huet de Poste vum Receveur iwwerholl. De Fëschber Gemengerot seet dem Marlyse vun dëser Plaz aus villmools Merci fir méi wei 20 Joer trei Déngschter fir d'Fëschber Gemeng an seng Bierger. Mir wënschen him a senger Famill alles Guddes. Dem Michèle wënsche mir vill Erfolleg a senger neier Fonktioun als Receveur.



Op dëser Plaz wollt ech dann nach dervu profitéiere fir dem ganze Redaktiounsteam, de Lait déi aktuell drun schaffen an awer och déi, déi an der Vergaangenheet dru matgeschafft hunn, en decke Merci ze soen. Ouni den Asaz vun deene Leit, déi dat op fräiwëlleger Basis maachen, hätten mir bestëmmt keen sou en flott an interessant Gemengeblat an eiser klenger Gemeng wat Joer fir Joer ëmmer erëm ze begeeschtere weess duerch seng Fotoen, Artikelen, Geschichten a Personagen.

E waarmen an dréchene Summer ass zu Enn gaangen an de Wanter steet virun der Dir. An deem Sënn wënscht de Schäffen- a Gemengerot an d'Personal vun der Gemeng Fëschbech Iech all schéi Feierdeeg an ee gudde Rutsch an dat neit Joer.

Mat beschte Gréiss, Patrick Grotz, Éische Schäffen

Aménagement vun enger neier Bëschplaz fir de Cycle 1



Beameren an all Klass, Laptopen fir d'Schüler



D'Clôture ronderëm d'Spillplaz vu nder Maison relais



Erneuerung vun der Dachisolation an der Schoul C2



Neie Fallschutz op de Spillplazen bei der Schoul



Zirkus Angsberelli

Am Freitag, den 13. Juli 2018 stand in der „Angsber Schoul“ am letzten Schultag alles unter dem Thema Zirkus. Schon in den Wochen davor standen der Zirkus und die Kunststücke, die zu einem solchen Zirkus dazugehören, im Mittelpunkt und es wurde fleißig geübt und geprobt. Auch die Bewegungspausen orientierten sich in den letzten Wochen stark an der Thematik.

Am Freitag war mit Schulrallye und anschließendem Schulfest dann der Höhepunkt des Projekts erreicht, das aufgrund einer Idee der Elternvereinigung entstanden war. Nachdem die Kinder in gemischten Gruppen (von Zyklus 1 bis 4) mit jeweils einer Lehrperson beim Schulrallye durch die Wälder der Gemeinde spaziert sind und unterwegs Spiele zum Thema „Zirkus“ gemacht haben, kamen sie um die Mittagszeit in Schoos im Vereinsbau „Op der Héicht“ an. Hier gab es leckere Spaghetti, gekocht von der Elternvereinigung der Gemeinde Fischbach und zum Abschluss ein Eis. Nachmittags schlossen dann alle Kinder den letzten Schultag in ihrer jeweiligen Klasse ab.

Beim anschließenden Schulfest konnten die Kinder dann bei einer kleinen Vorführung zeigen, was sie in den letzten Wochen gelernt hatten und bekamen kräftig Applaus für ihre Darbietung. Auch für Animation sowie für das leibliche Wohl war gesorgt.

Text & Fotos: Sarah Bamberg



Wéi all Joer fir Krautwëschdag hu fläisseg Hänn 70 Wësch gewéckelt.

Een ale Brauch deen di läscht Joren erëm erwächt gouf.

Den Erléiss ass fir ee gudden Zweck.

Text & Fotoen: Dany Hermes

KRAUTWËSCHDAG



5



Hämmelsmarsch



Angelsbiereg

6



Schlass Fëschbech

Fotoen: Linda Malget & Gérard Mutsch



De 7. Oktober 2018 huet de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech d'Journée du Grand-Age gefeiert. D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding huet all Memberen, Invitéeën a Jubilare begréisst. No enger Gedenkminutt fir all eis Verstuerwen, huet de Buergermeeschter Fränk Daems och e puer Wieder un eis geriicht.

No engem gudde Mëttegiessen, servéiert vum Restaurant Steinmetz vu Bech, sinn eis Jubilare geéiert ginn.

Fir 75 Joer: Grün Elisabeth, Mackel Maisy, La Verge Jan, La Verge Truus, Toisul Lily.

Fir 80 Joer: Heirens Margot, Kemp Alfred, Kemp Marguerite, Millmeister Thérèse, Wies Marina.

Fir 81 Joer: Kraus Léonie, Simon Roger, Welsch Pierrette.

Fir 82 Joer: Diricks Johanna, Flammang Marie-Anne, Spiewak Maria.

Fir 83 Joer: Janssen Henri, Weyland Anne, Zenner Jos.

Fir 84 Joer: Holz Hélène, Kohl Régine, Kraus Ben, Pinckers Liz.

Fir 85 Joer: Albers Henk, Ernzen Eugénie, Zenner Claire.

Fir 86 Joer: Hoffmann Marie-Louise.

Fir 87 Joer: Bisenius Lucie, Karier Alice.

Fir 88 Joer: Kemp Jeanne

Fir 97 Joer: Peters Paul.

Mir wënschen hinnen alleguer eng gutt Gesondheet a mir gesinn eis dat nächst Joer den 13. Oktober 2019

Text: Marie-Louise Haas & Foto: Dany Hermes

Éierung vun eisen eelere Matbierger

7



Zwee nei Redaktiounsmemberen
kuerz virgestallt.

Vum Frank Weyrich



Fro

Äntwert

Äntwert

Numm	Delphine Notarnicola	Sven Bettendorf
Wou gebuer?	Lëtzebuerg	Esch/Uelzecht
Wéini?	16. September 1980	12. Juni 1988
Meng Stäerkten	Kreativitéit	Emphatie an um Ball bleiwen
Meng Schwächen	Ech kann net nee soen	Ech sinn ongedëlleg
Wat gefällt mir un deenen Aneren?	Wa si lëschtég sinn a „bon vivant“ sinn	Wa si éierlech an offe sinn
Wat gefällt mir net un deenen Aneren?	Wa si ëmmer soueren	Wa si net fir nei Ideeën offe sinn
Meng Hobbien	Molen	Fotografie, Kachen a Backen, rezent Geschicht
Meng Musek, déi ech lauschteren	Elektro	E bessi vun allem
Ech liese momentan	näischt	„Lion“ vum Saroo Brierley
Wou ech Vakanz maachen	Schivakanz, an um Mier, wou et waarm ass	A Skandinavien
Wouriwwer ech mech an der Lescht geiergert hunn	Iwwer mmeng Kanner, wa si neess net nogelauschtert hunn	Onnéideg administrativ Démarchen
Dëse Wonsch erfëllt sech dëst Joer	Ech hunn eng gutt Aarbecht fond	Do loossen ech mech iwweraschen
Dëst Spréchwuert gefällt mir gutt	Profiter de la vie	Es gibt kein Glück ohne Mut und keine Tugend ohne Kampf* (J.J. Rousseau)




Schouljoer 2018-2019



Précoce





Schouljoer 2018-2019



Cycle 1



Schouljoer 2018-2019



11

Cycle 1





Schouljoer 2018-2019



Cycle 2-1



Schouljoer 2018-2019



13

Cycle 2-2





Schouljoer 2018-2019



Cycle 3-1



Schouljoer 2018-2019



15

Cycle 3-2





Schouljoer 2018-2019



Cycle 4-1



Schouljoer 2018-2019



17

Cycle 4-2






4 Joreszáiten, fotográfé





iert vum Olivier Molitor

19



Aktivitéitskalenner

Januar 2019-Dezember 2019

Januar 2019	Aktivitéit	Organisator
06.01.2019	Kaffiskränzchen-Schous	Senioreveräin
12.01.2019	Generalversammlung-Schous	Pompjeeën
19.01.2019	Theaterowend-Schous	Theaterveräin
20.01.2019	Theatermëtten-Schous	Theaterveräin
25.01.2019	Theaterowend-Schous	Theaterveräin
26.01.2019	Theaterowend-Schous	Theaterveräin

Februar 2019

02.02.2019	Liichtmëssdag	Schoulkanner
10.02.2019	Choucroute-Garnie	Spuveräin
15.02.2019	Hierkeniessen-Schous	Senioreveräin
24.02.2019	Kannerfuesbal-Schous	Pompjeeën
28.02.2019	Heeschen Fettendoneschen	Schoulkanner

März 2019

01.03.2019	Hexebal-Schous	Club des Jeunes
03.03.2019	Mam Bus op Cavalcade	Club des Jeunes
09.03.2019	Buergbrennen-Fëschbech	Amicale Maarkollef
10.03.2019	Buergbrennen-Angelsbiere	Club des Jeunes
10.03.2019	Buergbrennen-Schous	Wiichtelcher
15.03.2019	Generalversammlung CTF	CTF
17.03.2019	Albinusfeier-Fëschbech	Kathoulesch Kierch
17.03.2019	Feierläschapéro-Schous	Pompjeeën
17.03.2019	Generalversammlung-Schous	Senioreveräin
30.03.2019	Grouss Botz-Gemeng	Ëmweltkommissioun

Abrëll 2019

07.04.2019	Fréijorsbazar-Schous	ACFL
18-20.04.2019	Klibberkanner ënnerwee	Kathoulesch Kierch
28.04.2019	The Dansant zu Schous	SCCK Supporter Club

Mee 2019

01.05.2019	Eischt Meefeier	Wiichtelcher
12.05.2019	Spargeliessen	Senioreveräin
17.05.2019	Kontinentfest zu Schous	Angsber Schoul
18.05.2019	Eischt Kommioun	Kathoulesch Kierch
26.05.2019	Europawahlen zu Schous	Gemeng Fëschbech

Juni 2019	Aktivitéit	Organisator
02.06.2019	Mammendagsfeier	Senioreveräin
11.06.2019	Bus op d'Sprangprëssessioun	Kultur-a Veräinskommissioun
15.06.2019	Nopeschfest zu Fëschbech	Fëschber Nopeschfest
22.06.2019	Viowend Nationalfeierdag	Gemeng
23.06.2019	Härleicheprëssessioun	Chorale a Kathoulesch Kierch
Juli 2019		
04.07.2019	Grillparty	Senioreveräin
12.07.2019	Schoulfest zu Schous	Elterevereinigung a Schoul
21.07.2019	Parfest zu Schous	Chorale
August 2019		
15.08.2019	Wësch zu Schous	ACFL & Kathoulesch Kierch
15.08.2019	The Dansant zu Schous	SCCK Supporter Club
September 2019		
01.09.2019	Floumaart-Schous	Senioreveräin
15.09.2019	Randonnée VTT/Birkelt-Fiels	VC Filano
Oktober 2019		
03.10.2019	Pappendagsfeier-Schous	Senioreveräin
13.10.2019	Journée du Grand Age-Schous	Senioreveräin
November 2019		
17.11.2019	Kiermeshaam-Schous	Pompjeeën
Dezember 2019		
04.12.2019	Kleeschen-Angsber Schoul	Gemeng Fëschbech
05.12.2019	Kleeschen an der Gemeng	Club des Jeunes

All leschte Freideg am Mount as de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech op.
Organisator: Amicale Maarkollef & Wiichtelcher vu Schous



Administration communale 1, rue de l'Eglise, L-7430 Fischbach



Etat Civil

Tél : 32 70 84-1 / Fax : 32 70 84-50
E-Mail: commune@acfischbach.lu
Internet: <http://www.acfischbach.lu>

Secrétariat:

Viviane Thill, secrétaire communal

Daniel Hottua

Secrétariat communal: 32 70 84-1

E-Mail: secretariat@acfischbach.lu

Heures d'ouverture : sur rendez-vous

Bureau de la population:

Serge Hoffmann

Michèle Scholtes

Bureau de la population: 32 70 84-1

E-Mail: population@acfischbach.lu

Heures d'ouverture:

Lundi-Vendredi: 8h30 à 11h30

Jeudi: 14h00 à 18h00

Recette:

Michèle Scholtes

Recette communale : 32 70 84-1

E-Mail : recette@acfischbach.lu

Heures d'ouverture : sur rendez-vous

Service technique:

Romain Beckers, ingénieur industriel

Service technique: Tél: 32 70 84-22

E-Mail: technique@acfischbach.lu

Heures d'ouverture : sur rendez-vous

Bourgmestre:

Fränk Daems

Commune de Fischbach: 32 70 84-24

E-Mail: bourgmestre@acfischbach.lu

Préposé forestier: Olivier Molitor

Service forestier: Tél.: 26 32 25 66

E-Mail: Olivier.Molitor@anf.etat.lu

Heures d'ouverture : sur rendez-vous

Décès en 2018

Frey Bärbel, Fischbach, 06/12/2017

Welter Lydia, épouse Kops, Angelsberg,
15/01/2018

Wróbel Lukasz, Schoos, 23/02/2018

Kohn Camille, Fischbach, 02/04/2018

Ries Sophie, veuve Erpelding, Angelsberg,
09/06/2018

Schiltz André, Fischbach, 19/08/2018

Pütz Jean-Marie, Schoos, 05/11/2018



20 Joer Wiichtelcher

Am Joer 2017 hunn di Schéisser Wiichtelcher hiren 20. Gebuertsdag gefeiert.

De Veräin ass 1997 vu Memberen aus dem Schéisser Pompjeescorps gegrënnt ginn. Deemools hunn di 3 Corpsen aus eiser Gemeng fusionéiert an di Schéisser wollten den Zesummenhalt am Duerf bäibehalen a lokal Aktivitéite wéi Quetschekraut kachen, 1. Mee Feier, Tréppeltour a Bueg Brenne weiderféieren an hunn esou di Schéisser Wiichtelcher gegrënnt.

Den Numm geet op eng Seechen zréck, op déi ech gären an enger spéiderer Nummer vun eisem Gemengebuet zréckkommen.

Beim Fest am Jubiläumsjoer hu ganz vill Fräiwëlleger matgeholl an et huet e schéine Succès kannt. Dëst Joer, den 29. September hat de Komitee dann e gemittlechen Owend organiséiert, wou all di Bedeelegt sollte Merci gesot kréien, ouni dofir missen ze schaffen.

52 Erwuessener an 9 Kanner sinn der Invitatioun nokomm a konnten a geselleger Ronn munch flott Anekdot verzielen an e puer gemittlech Stonne matenee verbréngen.

En Traiteur hat e gudde Buffet preparéiert an de Pol Daems huet fir di musikalesch Ënnerhaltung gesuergt. Ganz vill Fotoen waren vum Patrick Denessen zesumme gedroe ginn, an hunn u schéi Momenter erënnert.

De Mike Daems als Haaptorganisateur vum Owend huet dem Paul Brosius als laangjäregem President Merci gesot fir säin Asaz a seng Ausdauer, ouni déi et d'Wiichtelcher vläicht net mi géife ginn.


Di aktuell Presidentin Liz Brosius huet mat alle versammelte Komiteesmemberen e Scheck iwwert 3800 Euro u Rokku Mi Rokka iwwerreecht. Et ass dat den Erléis vum Fest op der Héicht, am Juni 2017.

Text: Marianne Brosius & Fotoen: Paul Brosius

23



Hobbysait Famill Kolber vu Schous



Wo man singt , da lass Dich nieder, böse Menschen haben keine Lieder

Dass vill Kanner gären a mat Begeeschterung musizéieren, soll jo a verschiddenen Familljen virkommen. Dass et dann awer direkt 3 aus enger Famill sinn, di bei deem selwechten Chouer matsangen, ass da schonn e wéineg mi rar.

Bei der Famill Kolber vu Schous ass dat de Fall.

Wien elo genee di éischt Gei spillt war beim Interview mat deenen 3 net direkt auszemaachen; jidderen vun hinnen hat op d'mannst do e puer Solo'en.

D'Marie sengt vun 2011 un zu Konsdref am Kanner- a Jugendchouer, an 2012 huet de Felix säin Debut ginn ; 4 Joer mi spéit huet de Jimmy Verstärkung dohinner bruecht.

Dee Chouer besteet säit 15 Joer an hien huet mam Marc Loewen zanter 2017 en engagéierten Dirigent .

Ausser hinnen 3 hunn och nach den David an Patrick Damgé vun Angelsbiérg de Chouer mat hirem Gesang verstärkt, an zwar vun 2013 bis 2015.

Di 3 Geschwëster maachen natierlech och hir Solfègeausbildung an dat an der Fiels an eiser interkommunaler Museksschoul. D'Marie huet 2016 seng Basisausbildung ofgeschloss a spillt säit 2013 Klarinette. 2018 huet de Felix den Ofschloss gepackt an hien übt säit 3 Joer Perkussioun an zanter dësem Joer och nach Piano. 2017 huet de Jimmy och mat Perkussioun ugefaangen.

Ausserdeem sinn di zwéi eelst Member vun der Fielser Musek.





Dat Flottst bei deem Ganzen ass natierlech de Spaass um Zesummemusizéieren an deene flotte Lidder, di se ëmmer nees bäiléieren. Eeneg sinn di 3 sech, dass et vill Ofwiesslung gëtt an si scho vill Frënn am Chouer hunn. Opgereegt sinn se bei engem Solo oder beim Enregistrement vun enger CD. Fir den 20. Gebuertsdag vum Chouer huet de Jugendensembel zu 11 4stëmmeg gesungen, wat sécher net einfach war, a vill Engagement a Präsenz bei de Prouwen verlaangt huet.

De Felix huet sech dann och net huele gelooss an huet eng Partitur um Piano gespillt, déi richteg super geklongen huet.

Wann et lech Spaass géif maachen de Grupp emol live ze erliewen, dann kommt op hiren nächste Concert, den 22.12, Samschdes um 19:30 um Scheedgen an der Kierch.

Kontaktadress: www.kajuconsdorf@gmail.com
resp den Telefonsnummer: 799274

Musik und Gesang haben zu allen Zeiten das Leben der Menschen bereichert. Feste und Feierlichkeiten sind ohne musikalische Darbietungen unvorstellbar. Musik und Gesang erzeugen Festtagsstimmung und lassen Feierlichkeit aufleben.

Fröhlichkeit und Feierstimmung klingen im Kind bereits schon vor der Geburt an, wenn die Mutter Musik und Gesang auf sich wirken lässt. Musik und Gesang können Kinder beruhigen, trösten, aufmuntern und motivieren. Sie erhöhen die Lernleistungen und helfen Probleme anzugehen. Eltern können sich diese Vorzüge zu Nutze machen und Musik und Gesang in schwierigen Erziehungspassagen einsetzen.

Auszug aus engem Artikel vum Michael Schnabel

Text: Marianne Brosius & Fotoen: Roger Kolber

D'Senioren aus der Gemeng Fëschbech op der Flosskräizfahrt Bordeaux Garonne-Dordogne-Gironde

13. September: Mat 27 Memberen si mir mat Voyages Weber op Metz op d'Gare Lorraine gefuer, wou mir den TGV Richtung Bordeaux St. Jean geholl hunn. Um Flosskräizschëff „MS Cyrano de Bergerac“ ass eise Grupp déi 6 Nuechten ënnerbruecht ginn.

14. September: Iwwer Cadillac si mir op Gujan-Mestras gefuer, der „Austerehaaptstad“ am 155 km² grouse Bassin d'Arachon, wou mir den Austernziichter iwwer d'Schëller konnte kucken. Selbstverständlech krute mir och Austeren ze schmaachen. Um Mëttegdesch si mir erëm mat Fëschspezialitéite verwinnt ginn.

Nomëttes hu mir déi gréisste „Wanderdün“ „DUNE DU PILAT“ aus Europa besicht. Vun uewen (dat war guer net esou einfach dorobber ze kloteren) hate mir e Bléck net nëmmen op den Atlantik, mee och op „Landes de Gascogne“, dat gréisst Bëschgebitt an Europa.

15. September: Hei waren 2 Ausflich virgesinn: vu Bordeaux op Saintes. Saintes ass virun 2000 gegrënnt ginn. Mat engem Guide hu mir interessant Gebaier gesinn, den Amphitheater, den Arc de Germanicus, d'Klouschter Dames, dat éischt Klouschter fir Frae vu Saintonge.

Nom Mëttegiessen zu Cognac war och eng Visitt virgesinn. Cognac ass d'Stad vum Salz a Brantewäin.

Eist Schëff koum zu Blaye un. Mam Bus si mir op d'Route de la Corniche an Zitadelle komm, impressionnant Mauer an Ruinen. E puer vun eis ware mat engem „Zichelchen“ duerch Blaye an Ëmgéigend „gezuckelt“ ginn, datt ganz flott war.





16. September: Fahrt op Pauillac – Bourg, wou de „Grand Crus de Médoc“ ugebaut gëtt. An dësem Wäibaugebitt Bordeaux alias „Bordelais“ ass dat gréissten Ubagebitt vun der Welt, 3000 Wäigidder op 80 km, mat ronn 120.000 Hektar.

17. September: Eis Rees ass weider Richtung Libourne gaang. Nomëttes hate mir eng Visite zu Saint Emilion, Unesco-Weltkulturerben-Stad, berühmt fir hir Wäiner.

An den ënnerierdesche Wäikelleren hu mir déi verschidden Etappe vun der Hierstellung vum Wäin zu St. Emilion erkläert kritt. Natierlech sinn och verschidde Wäiner probéiert ginn.

18. September: Et ass zréck vu Libourne op Bordeaux gaang, eng Stadt vun 250.000 Awunner. Bordeaux gëtt och „Cité du Vin“ genannt.

19. September: Moies Fräizäit zu Bordeaux. Nom Mëttegiessie goug et Richtung Gare, wou mir erëm mam TGV heem gefuer sinn.

7 interessant Deeg, bei herrlechem Wieder a flotter Gesellschaft sinn heimat eriwwer.

Text & Fotoen: Marie-Louise Haas



Des Rätsels Lösung



D'Opléisung vun eisem Rätsel vum Abrëll-Nummer 48.

Déi richtig Äntwert ass:

D'Weyer Kapell op der rietser Fassadesäit.

Déi richtig Léisung an dat néidegt Gléck hat d'Lina Dos Santos vu Fëschbech. De Präis, ee Bong vun 200€ ass him iwwerreecht ginn vum Stëfter Carrie Fiorese, deen d'Lina kann aléisen am Carrie sengem Make-up- a Photostudio Powderlounge zu Fëschbech. Den Internet-Site fann dir op: www.powderlounge.lu



Hei dann een neit an e bëssche méi einfach Rätsel fir all déi, déi un engem gudde Maufel am Restaurant Neptowne intresséiert sinn, well de Gewënner vum dësem Rätsel erwäerd een lessbong vun 200 €.

Neptwone
Restaurant-Pizzeria

Interesséiert, da kuckt Iech d'Foto lénks hei op der Säit un, d'Fro ass:

Wou befënnt sech dëst Kräiz?

(Uertschaft an ale Stroossennumm)

Schéckt w.e.g. d'Äntwert bis den 1. März 2019 op folgend Email-Adress:

marcsfoto@action.ms

Vill Gléck beim Matmaachen!

Text & Fotoen: Marc Kolber




Eng schéin Traditioun ass et fir de Neigebueren e Bam ze setzen.

An eiser Gemeng huet de Gaart an Heem virun e puer Joer dës Traditioun erëm opgeholl. Sou gouf um Dag vum Bam, den 10. November am Gemengebongert e Mirabellebam an e Bierebam gesat. Dëst fir déi Kanner ze éieren déi am Joer 2016 an 2017 op d'Welt koumen.

Déi fachmännesch Aarbecht fir déi Beem ze setzen haten am Virfeld schonn de Fierschter a seng Leit iwwerholl. Trotz naassem Wieder ware vill Leit an de Gemengebongert komm an d'Kanner hu ganz houferech d'Schëlter vun deem jeeweilege Joergang dobäi gestallt.

Duerno gouf sech am Veräinshaus bei engem klengen Maufel nach e bësse gestärkt.

Text a Foto: Dany Hermes



Nationalen Dag vum Bam

29



COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 6 août 2018

Présents: Dams Fränk, bourgmestre; Grotz Patrick, Brosius Lucien, échevins

Bettendorf Sven, Brosius Paul, Moura Daniel, Schiltz Laurent, conseillers

Excusés: Olinger Kevin, Trausch Claude, conseillers

1) Le conseil communal approuve la convention, signée en date du 18 juillet 2018, entre le Syndicat intercommunal Diekirch/Ettelbruck pour le CMNord et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Fischbach portant sur la participation financière de la commune de Fischbach pour ses élèves/citoyens inscrits au Conservatoire du Nord à partir de la rentrée 2018/2019.

2) Le conseil communal donne son accord de principe à l'augmentation de la participation financière annuelle à 3,30€ par habitant à partir de l'année 2019 au profit de l'association Mouvement pour l'Egalité des Chances (MECa.s.b.l.)

3) Le conseil communal fixe la redevance pour frais de scolarité pour enfants non-résidents à 200€ par enfant par trimestre, soit 600€ par enfant par an à partir de l'année scolaire 2018/2019.

4) Vu les observations introduites par les sociétés KIKUOKA Luxembourg et CREOS Luxembourg et des associations mouvement écologique et natur&ëmwelt, le conseil communal émet un avis favorable concernant les projets de plans directeurs sectoriels, transports, logement et zones d'activités économiques et exprime ses réserves quant au projet de plan sectoriel « paysage » partie « grand ensemble paysagers ».

5) Le conseil communal décide de nommer, avec effet immédiat, Madame Michèle Scholtes, demeurant à Angelsberg, comme receveur faisant fonction de la commune de Fischbach.

6) Affaires du personnel : à huis clos

1) Den Gemengerot acceptéiert d'Konventioun, déi den 18. Juli 2018 zwëschen dem Gemengesyndikat Dikrech/Ettelbréck fir den CMNord an dem Fëschber Schäfferot ënnerschriwwen ginn ass. Et geet hei em déi finanziell Bedeelegung vun der Fëschber Gemeng ab dem Schouljoer 2018/2019, fir hier Schüler/Awunner, déi am Conservatoire du Nord ageschriwwen sinn.

2) Den Gemengerot gëtt säin prinzipiellt Averständnis fir ab dem Joer 2019 déi finanziell Bedeelegung fir den Veräin Mouvement pour l'Egalité des Chances (MECa.s.b.l.) op 3,30€ pro Awunner ze hiewen.

3) Den Gemengerot setzt d'Schoulgeld fest fir déi Kanner, déi net an der Gemeng wunnen. Ab dem Schouljoer 2018/2019 sinn dat 200€ pro Kand pro Trimester oder 600€ pro Kand pro Joer.

4) No den schrëftlechen Bemierkungen vun KIKUOKA Luxembourg, CREOS Luxembourg, mouvement écologique an natur&ëmwelt hëllt den Gemengerot e positiven Avis zu den dräi Projeten vun den sektorielle Pläng "Transport", "Wunnraum" an "wirtschaftlech Aktivitéitszonen", dréckt awer zum Deel "grand ensemble paysager" vum sektorielle Plang "Landschaften" seng Bedenken aus.

5) De Gemengerot ernennt d'Madame Michèle Scholtes vun Angelsbiereg zum Gemengeneinnehmer "faisant fonction" vun der Fëschber Gemeng.

6) Personalsachen : hannert d'zouenen Dieren

COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 11 septembre 2018

Présents: DamsFränk, bourgmestre; Grotz Patrick, Brosius Lucien, échevins

Bettendorf Sven, Brosius Paul, Moura Daniel, Olinger Kevin, Schiltz Laurent, conseillers

Excusés: Trausch Claude, conseiller

1) Entendu les explications par Monsieur Olivier Molitor, préposé forestier au triage de Larochette, le conseil communal approuve le plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2019.

2) Le conseil communal approuve des titres de recettes émis par le collège des bourgmestre et échevins portant sur un montant total de 557.538,11 €.

3) Considérant que le compte de gestion ne donne pas lieu à observation de la part de la Direction de Contrôle de la Comptabilité Communale, le conseil communal arrête provisoirement le compte de gestion 2016 avec un boni définitif de 3.639.141,20 €.

4) Vu le rapport de la Direction de Contrôle de la Comptabilité Communale, ainsi que la note du collège des bourgmestre et échevins en réponse à ce rapport, le conseil communal arrête provisoirement le compte administratif 2016 avec un boni de 3.639.141,20 €.

5) Le conseil communal décide de modifier plusieurs articles du budget ordinaire 2018 avec une balance totale de -10.054,60 € à imputer sur le boni prévisionnel de l'exercice.

6) Vu le dossier ayant trait à la création de zones de protection autour de captages d'eau souterraine la commune de Mersch et en considérant que la zone de protection des captages « An der Baach » s'étend partiellement sur le territoire de la commune de Fischbach, le conseil communal décide d'émettre un avis favorable à l'encontre de l'avant-projet de règlement grand-ducal portant création de zones de protection autour des captages d'eau souterraine précités.

7) Le conseil communal ratifie l'avenant à la convention avec l'asbl « Mouvement pour l'Egalité des Chances pour Tous » portant sur le soutien annuel au financement de l'association à raison de 3,3 euros par habitants à partir du 1er janvier 2019.

8) Le conseil communal ratifie la nouvelle convention signée en date du 8 août 2018 avec l'association „Mierscher Lieshaus” portant sur l'augmentation de la participation annuelle de la commune au fonctionnement de l'association de 2.100.-€ à 2.352.-€.

9) Le conseil communal décide de confier la mission de la coordination et du suivi régional des programmes de mesures établis pour les zones de protection autour des masses d'eau ou parties de masses d'eau servant de ressource à la production d'eau destinée à la consommation humaine au Parc naturel du Mëlldall et de ratifier la convention y relative.

10) Concernant le budget extraordinaire le conseil communal décide de diminuer le crédit budgétaire prévu pour le projet « Aménagement du chemin vicinal longeant la Hauptstrooss à Schoos » de 150.000.-€ à 100.000.-€ au profit du projet « Installation d'un éclairage spécifique aux passages piétons ».

11) Le conseil communal approuve un devis relatif à l'installation d'un éclairage spécifique aux passages piétons s'élevant à 70.000.-€ ttc.

12) Le conseil communal décide d'assurer le receveur communal contre les risques civils en rapport avec l'exercice de ses fonctions en prenant à charge les frais annuels d'une assurance y relative.

13) Le conseil communal nomme Monsieur Romain Beckers, chargé de gestion, représentant effectif et Monsieur Fränk Daems, bourgmestre, représentant suppléant de la commune au sein du comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc Naturel du Mëlldall.

14) Affaires du personnel : à huis clos

- 1) Ob Grond vun den Erklärungen vum Här Olivier Molitor, Fierschter aus der Fiels, heescht den Gemengerot den Bewirtschaftungsplang vun den Gemengenbëscher fir 2019 gutt.
- 2) Den Gemengerot genehmegt Einnahmen iwwert 557.538,11 €.
- 3) Well d'Finanzkontroll vun de Gemengen näischt festgestallt huet, arrêtiert den Gemengerot dem Einnehmer säin Kont vum 2016 provisoersch mat engem Boni vun 3.639.141,20 €.
- 4) Nom Bericht vun der Finanzkontroll vun de Gemengen an dem Schäfferot sengen Erklärungen, arrêtiert den Gemengerot dem Schäfferot säin Kont vum 2016 provisoersch mat engem Boni vun 3.639.141,20 €.
- 5) Den Gemengerot entscheet eng Rei Upassungen vum gewéinlechen Budget 2018, mat engem Gesamtergebnis vun -10.054,60 € zu Laaschten vum voraussichtlechen Boni vum Exercice.
- 6) Op Grond vum Dossier betreffend d'Festleeën vun den Schutzzonen ronderëm verschidden ënnerirdeschen Quellen vun der Mierscher Gemeng, woubäi d'Schutzzon "An der Baach" deelweis um Terrain vun der Fëschber Gemeng läit, gëtt den Gemengerot en positiven Avis betreffend den Avant-Projet vum groussherzoglechem Règlement zu den genannten Schutzzonen.
- 7) De Gemengerot ratifiziert en Zousaz zur Konvention mat dem Veräin MEC asbl "Mouvement pour l'Egalité des Chances pour Tous" wouduerch déi finanziell Bedeelegung vun der Gemeng ab dem 1. Januar 2019 op 3,3 Euro pro Awiner a Joer festgeluecht gëtt.
- 8) De Gemengerot ratifiziert eng nei Konvention mat dem Veräin "Mierscher Lieshaus". Déi finanziell Bedeelegung vun der Gemeng gëtt vun 2.100.-€ op 2.352.-€ gehiewen.
- 9) De Gemengerot entscheet d'Koordinatioun an den regionalen Suivi vun de Moossnamen betreffend Schutzzonen ronderëm d'Drénkwaasserquellen un den Naturpark Mëllerdall z'iwwerdroen an ratifiziert déi betreffend Konvention.
- 10) Betreffend den ausseruerdentlechen Budget entscheet de Gemengerot de Kredit fir de Projet "Aménagement du chemin vicinal longeant la Haaptstrooss à Schoos" vun 150.000.-€ op 100.000.-€ zu Gonschten vum Projet "Installation d'un éclairage spécifique aux passages piétons" erofzesetzen.
- 11) De Gemengerot genehmegt den Devis iwwert 70.000.-€ TTC fir eng speziell Beliichtung bei den Zebrastreifen anzeiichten.
- 12) De Gemengerot entscheet d'Käschten fir dem Gemengeneinnehmer seng Haftpflicht am Dingscht z'iwwerhuelen.
- 13) De Gemengerot ernannt den Här Romain Beckers, chargé de gestion, als Gemengevertrieeder, an den Här Fränk Daems, als säin Ersatzman am Begleetkomitee fir Drénkwaasser an der Regioun Naturpark Mëllerdall.
- 14) Personalsachen : hannert zouenen Dieren.



Éierung vun de siwe neigewielte Gemengevertrieder

Den 11. November 2018 huet d'Entente vun de Veräiner zesumme mat hire Memberorganisatiounen op d'Éierung vun de neigewielte Gemengevertrieder gelueden.

Bei dëser Feier gouf eng Wanterlann (*tilia cordata*) bei déi grousser Kräizung zu Angelsbierg (rue de Glabach, rue de Meysembourg, rue de Schoos) geplazt.

Beschrëft mat dem Text "Bam fir déi nei Gemengevertrieder 2017 Bettendorf Sven, Brosius Lucien, Brosius Paul, Grotz Patrick, Moura Dan, Olinger Kevin, Schiltz Laurent" soll dëse Bam ee Symbol si fir d'Wuerzelen, déi déi neigewielte Gemengevertrieder duerch hiert Engagement hei an der Gemeng bilden.

Mëttes gouf mat enger klenger Feierstonn op der Héicht ofgeschloss, wou all d'Gemengevertrieder ee Cadeau an der Form vun engem Bic aus heemeschen Hëlzer iwwerreecht krut. A senger Ried, huet de Mike Daems stellverriedend fir d'Veräiner dem Gemengerot 2017 eng glécklech Hand fir all d'Decisiounen an den Asaz fir d'Gemeng gewënscht.

Ogeschloss gouf dës Feierstonn duerch ee Patt, den d'neigewielte Gemengevertrieder offrëiert hunn.

Text : Sven Bettendorf & Fotoen: Marc Kolber



Fairtrade Kaffisbuffet 2018

Den 11. November 2018 war am Veräinshaus op der Héicht de 6. Buffet mat fairen a regionale Produkter. Gutt 130 Leit hu sech bei engem gemittleche Kaffisbuffet getrafft.

Verschiede Klassen aus der Angsber Schoul haten am Virfeld un engem Workshop zum Thema *faire Râis* deelgeholl an hunn duerno an de Sciences (Cycle 2.2), an der Musek (Cycle 3.1) oder an der Konscht (Cycle 3.2 a 4.1) zum Thema geschafft. Dës Saache goufen hei gewisen.

Zousätzlech hat d'Madame Astrid Pavoncelli vun der Boutique Tiers-Monde Nord vun Ettelbréck hir fair Produkter ausgestallt.

Mir hu vun der Geleeënheet profitéiert fir een Don am Wäert vu 500 € u Fairtrade Lëtzebuerg ze maa-chen, dee vun der Madame Valérie Murat entgéint geholl gouf.

Mir wiere frou wa mir lech all d'nächst Joer erëm kéinte begréissen.

De Fairtrade Grupp vun der Gemeng Fëschbech



lesskäschtebeem fir den Nationalen Dag vum Bam

Am Kader vum nationalen Dag vum Bam 2018 huet d'Stad lechternach zesumme mat der Ekip vum Naturpark Mëllerdall de 17. November 2018 d'Planzaktioun vun eelef lesskäschtebeem organiséiert.

D'Verrieder vun de Member-Gemenge vum Naturpark hu sech zu dëser Uplanzung zu lechternach bei der Kläranlag getraff fir dës Beem zesummen an der Präsenz vun der Ëmweltministesch Madamm Carole Dieschbourg ze planzen.

Eis Gemeng gouf bei bei dëser feierlecher Planzaktioun duerch d'Schäffe Patrick Grotz a Luss Brosius genee wéi duerch d'Conseillere Sven Bettendorf a Paul Brosius vertrueden.

Text & Fotoen: Sven Bettendorf



Naturpark
Mëllerdall



35



Fëschber Gemeindeblatt

KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

Konferenz „Ökologescht Botzen“

D'Ëmweltkommissioun hat am Oktober eng interessant Konferenz iwwert d'ökologescht Botzen mat der Madame Origer vun der Superdreckschëst organiséiert.

Wat d'Botzen am Privathaushalt ugeet, sollt jiddereen fir sech fir d'éischt définéieren wat fir eng Valeur d'Propretéit doheem fir ee selwer huet. Deen ee wunnt léiwer am kreative Chaos an deem aneren fillt sech just an engem „desinfizierten“ a perfekt organisierte Raum wuel.

Facteuren déi e groussen Afloss op den Opwand vum Botzen hunn, sinn ënner anerem d'Materialien, déi beim Hausbau oder Wunnengsbau benotzt goufen, wéi z. Bsp. Natursteen, Plättercher, Holz, Inox asw. Weider Facteuren sinn d'Häert an Temperatur vum Waasser, d'Haustechnik an d'Beléftung.

Fir gutt a propper ze botzen, muss een awer net eng Hellewull Botzmëttel hunn, hei gëllt de Prinzip „Sinnvoller Einkauf vs. Konsumrausch“.

Esou ginn am Prinzip zwee Wäschmëttel fir d'Gezei duer (Polver a Flësegwäschmëttel). Weichspüler z.Bsp. féieren dacks zu Kontaktallergien a kennen duerch Esseg ersat ginn. Bei de Wäschmëttel gëtt och nach dacks vill ze vill Wäschmëttel benotzt, do soll een d'Gebrauchsuweisung vun der Wäschmaschinn fir den Dosage mol méi genee studéieren.

Wat d'Botzmëttel soss ugeet, geet am Prinzip e Spüllmëttel, een Universalreiniger, Esseg an eventuell e Fensterbotzmëttel duer.

Ganz interessant waren nach d'Erklärungen iwwert de Faarfcode vun de Botzfatzten am Kader vum professionellen Botzen (z.Bsp. rout fir de Sanitärberäich, giel fir Plättercher, Spigelen an e Lavabo an blo fir d'Uewerflächen) an och iwwert d'Notioun vum „Cercle de Sinner“ (optimaalt Botzresultat duerch 4 : Chimie, Awiirkzäit, Mechanik an Temperatur). Botzfatzten aus Mikrofaser hunn net fir näischt eng ënnerschiddlech Struktur, déi dann och fir ënnerschiddlech Botzarbechten an den Asaz kommen. Des Botzfatzten mussen awer an der Wäschmaschinn gewäsch ginn (onbedéngt ouni Weichspüler).

Zu gudder Läscht sief nach virum Gebrauch vun Eau de Javel gewarnt wou all Joer Akzidenten geschéien, duerch d'Kombinatioun vum Eau de Javel mat aneren Botzmëttel wat zu geféierleche chemeschen Reaktiounen féiere kann.

www.clever-akafen.lu / www.sila.lu (Zero Waste Workshop)

Text & Fotoen: Lis Weber



Promenade mycologique

Champignone kennen a bestëmmen ass fir vill Leit e Rätsel a fir anerer eng Selbstverständlechkeet. D'Ëmweltkommissioun aus der Fëschber Gemeng wollt sech dëser Matière unhuelen an huet duerfir eng « Promenade mycologique » organiséiert mam Professor Robert Wennig. De Professor Wennig ass Member vum "Groupe de recherche mycologique" an der "Société des naturalistes luxembourgeois". Donieft war de Professor Wennig zu Berufszäiten "toxicologue médico-légal" a Chef vum "département de toxicologie" am nationale "Laboratoire de Santé".

Samschdes moies den 13. Oktober em 9 Auer 30, war Rendezvous am Veräinshaus wou mat enger knapper Stonn Theorie ugefaange gouf ier et derno mat engem Grupp vu 14 interesséierte Leit voller Erwaardung zu Fouss an de Schéisserbësch goug. Och wann d'Joer 2018 bis dohinner vill ze vill drèche war fir d'Champignone goufen trotzdeem eng sëllege Varietéite fonnt an da mat Hëllef vum Professor Wennig, senger Fra an deem engen oder anere routinéierte Sammler aus eiser Gemeng bestëmmt an dat ier de Champignon gepléckt gouf !

No ronn zwou Stonne Sich a Bestëmmung goug et zeréck op d'Héicht wou bei engem Patt weider diskutéiert an de Moien ausklénge gelooss gouf.

E grouse Merci un de Professor Wennig an seng Madamm fir hiren Asaz awer och un all déi Interesséiert déi vun dëser Promenade profitéiert a matgemaach hunn.

fir d'Ëmweltkommissioun, Fränk Daems





SPRIECHSTONN VUM SCHÄFFEROT

No engem Joer konstruktiver Aarbecht an intensiven Sëtzungen konnt de neien Schäfferot sech an vill Dossiere aschaffen. Mir wëllen de Moment notzen an, esou wéi et och virun de Walen ugekënnegt war, dem Bierger nolauschteren, Transparenz bidden an Ried an Äntwert stoen. Duerfir wëllen mir lech, léif Awunner aus der Fëschber Gemeng, d'Méiglechkeet ginn mat eis ze diskutéieren iwwert dat wat lech an eiser Gemeng beschäftegt, wat lech stéiert, wat kéint besser lafen oder vläicht och wat Dir einfach nëmmen gutt fannt. Hu Dir een Uleies oder Froen an diskutéiert léiwer direkt mat eis, dann profitéiert w.e.g. vun dëser Geleeënheet.

Ab 2019 bidden mir all éischten Mëttwoch am Mount zwëschen 16.00 an 18.00 Auer (ausserhalb vun de Schoulvakazen), den Awunner vun der Gemeng d'Méiglechkeet op eng Spriechstonn mat dem Schäfferot (am léifsten op Rendez-vous um 32 70 84-1 oder per Mail un secretariat@acfischbach.lu) wou mir versichen op Är Doléancen anzegoen.

Den éischten Datum dee mir iech proposéieren ass den 9. Januar 2019.



CONSULTATIONS DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Après une année de travail constructive et des réunions intensives, le nouveau collège des bourgmestre et échevins a eu la possibilité d'entrer dans de nombreux dossiers. Nous aimons profiter de cet instant et, comme annoncé lors des élections, écouter le citoyen, offrir de la transparence et répondre à vos questions. A cette fin nous souhaitons vous donner, chers habitants de la commune de Fischbach, la possibilité de vous exprimer sur ce qui vous préoccupe ou vous dérange, ce qui pourrait être amélioré et ce que vous aimez à propos de notre commune. Veuillez profiter de cette occasion pour discuter directement avec nous et pour nous présenter vos doléances et questions.

A partir de 2019 nous offrons aux habitants de la commune chaque premier mercredi du mois entre 16h00 et 18h00 (en dehors des congés scolaires) la possibilité de consulter le collège des bourgmestre et échevins (de préférence sur rendez-vous au 32 70 84-1 ou via courriel secretariat@acfischbach.lu) qui essayera de prendre en compte les doléances des citoyens

La première date que nous vous proposons est le 9 janvier 2019.

TRAVAIL POUR ETUDIANTES ET ETUDIANTS DE LA COMMUNE DE FISCHBACH

En 2019, la Commune de Fischbach engagera des étudiants pendant les vacances d'été.

Au maximum 6 étudiants seront engagés pour une durée de 3 semaines.

Les demandes complètes sont à remettre à l'administration communale de Fischbach **au plus tard le 31 janvier 2019. Tout dossier incomplet sera refusé et toute demande reçue après cette date, ne sera plus considérée.**

Si le nombre des candidatures reçues, dépasse 2 candidat(e)s par période, le collège échevinal procédera au tirage au sort entre les candidat(e)s ayant remis un dossier complet au plus tard le 31 janvier 2019. Les candidat(e)s seront informés dans la semaine du 11 février 2019 de la suite réservée à leur demande.

Les candidat(e)s devront remplir les conditions suivantes :

1. être étudiant(e),
est considéré(e) comme étudiant(e):
 - toute personne qui est inscrite dans un établissement d'enseignement luxembourgeois ou étranger et qui suit de façon régulière un cycle d'enseignement à horaire plein ;
 - toute personne dont l'inscription scolaire a pris fin depuis moins de quatre mois au début du contrat de travail d'étudiant.Un certificat de scolarité, qui mentionne l'établissement scolaire fréquenté par le (la) candidat(e) est à joindre à la demande ;
2. être âgé(e) de 15 ans au moins à 27 ans accomplis (échéance à la date du 27^e anniversaire) ;
3. résider dans la commune de Fischbach ;
4. présenter l'accord écrit des parents (pour les mineurs) ;
5. joindre une brève notice biographique mentionnant entre autre la matricule, un numéro de téléphone et, si existante, une adresse email ;
6. joindre une copie de la carte d'identité ;
7. indiquer leur disponibilité dans une des 3 périodes suivantes :
 - du 15 juillet au 02 août inclus ou
 - du 05 août au 23 août inclus ou
 - du 26 août au 13 septembre inclus ;
8. la rémunération sera de 80% du salaire social minimum graduée selon l'âge ;
9. disposer de chaussures de sécurité lors de l'entrée en service.

Chaque candidat(e) est engagé(e) pour une durée de trois semaines consécutives entre le 15 juillet et le 13 septembre 2019. La période d'engagement souhaitée ainsi qu'une période alternative est à indiquer, des changements ultérieurs n'étant pas possibles pour des raisons d'organisation. La durée de travail est de 40 heures par semaine, du lundi au vendredi de 07h00 à 12h00 et de 13h00 à 16h00.

Le collège échevinal se chargera de l'organisation des travaux. En cas de non-respect des consignes ou de l'horaire de travail, le collège échevinal pourra procéder au licenciement immédiat.

Genre de travaux à exécuter : tous les travaux en relation avec le service de régie communal.

L'Administration Communale de Fischbach, (tél : 327084-25, email population@acfischbach.lu) est à votre disposition pour tout renseignement supplémentaire.

Le collège des bourgmestre et échevins



Mat der Approche vum Wanter, wëlle mir lech matdeelen, dass, konform zu de Bestëmmunge vum Code Civil*, d'Awunner gehale sinn um Trottoir virun hirem Terrain Schnéi oder Äis ze raumen, fir esou méiglech Accidenter ze verhënneren. Am Fall vun Net-Anhale vun dëser Dispositioun ass d'Responsabilitéit vum Awunner engagéiert.

A l'approche de la saison hivernale, nous tenons à vous signaler que, conformément aux dispositions du Code civil*, les riverains sont tenus de débayer le trottoir devant leur propriété de la neige ou du verglas, ceci afin d'éviter tout accident pouvant survenir. En cas de non-respect de la présente disposition nous vous signalons que la responsabilité du riverain est engagée.

* article 1384, al. 1er du Code civil



D'Gemengereglement betreffend den Schutz virum Kaméidi seet am Artikel 8 dat, um Gebitt vun der Gemeng Fëschbech, de Gebrauch vun Knupperten, Feuerwierkskierper an aner explosiven Objeten innerhalb an och an enger Distanz vun manner wéi 100 Meter vun den Uertschaften verbueden ass. De Buergermeeschter ass net gewëllt Ausnamen fir d'Sylvesternuecht 2019 ze genehmegen.

Le règlement communal relatif à la protection contre le bruit stipule dans son article 8 que, sur le territoire de la commune de Fischbach, il est défendu de faire usage de pétards, de feux d'artifices et d'autres objets détonants similaires à l'intérieur ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération. Le bourgmestre n'est pas disposé à donner des autorisations dérogeant à ce principe pour le nuit de St. Sylvestre 2019.



Wéinst de Feierlechkeeten um Ënn vum Joer wäerten d'Büroen vun der Gemeng zou sinn vum 22. bis den 26. Dezember 2018 inklusiv an vum 29. Dezember 2018 bis den 1. Januar 2019 inklusiv.
Mir soen lech Merci fir Äert Versteesdemech.

En raison des fêtes de fin d'année les bureaux de l'administration communale resteront fermés du 22 au 26 décembre 2018 inclus et du 29 décembre 2018 au 1er janvier 2019 inclus.
Nous vous remercions de votre compréhension.





Mir siche Studente fir eis Summeraktivitéiten !



Wéini?: Vum 15.07.2019 bis de 26.07.2019

Wéi vill Stonnen? 40 Stonnen d'Woch

Wat muss de hunn? Du muss volljäreg sinn (bis dohinner) an de Brevet d'Aide-Animateur hunn. Wann's du dës Formatioun nach net hues, hues du d'Méiglechkeet si vum **15. bis den 18. Abrëll gratis** bei der Croix-Rouge ze maachen. (Nodeems mir dech erausgesicht hunn).

41

Wéi mellen ech mech un? Schéck eis eng Lettre de motivation mat dengem CV u folgend Adresse:

Maison Relais Bei de Kueben
18, rue de Schoos
L-7410 Angelsberg

Bis spéitstens den 31. Januar 2019

Fir weider Froe kanns du dech bei eis mellen um :

27 55 68 50 oder iwwer relais.angelsberg@croix-rouge.lu

Mir freeën eis op dech,

D'Team bei de Kueben



De Kleess der Angsbe

Précoce



42




chen an er Schoul

Fotoen:
Frank Weyrich

Cycle 1

43

Cycle 1

A large, leafless weeping willow tree stands in the center of the image. Its long, thin branches hang down, some reaching towards the ground. The tree is set against a soft, hazy background of a misty or foggy day. In the foreground, there is a sandy or silty ground with some small, dark spots. To the right of the tree, there is a clump of tall, thin grasses. The overall color palette is muted, with greys, browns, and soft whites.

**D'Gemeng Fëschbech
an d'Redaktioun vum Blat,
wënschen all Awunner,
schéi Feierdeeg
an ee gesond a glécklecht
neit Joer**

Dir haalt elo d'Blat N° 50 an ären Hänn, ee Jubiläumsbat. Sait dem Joer 2000 hu mir bis haut 1634 Säiten eraus ginn a sinn houfreg drop, eppes fir eis Gemeng, an där mir gäre liewen, gemaach ze hunn.

Fir mech perséinlech ass et elo als Layouter eriwwer. De Moment wou ee beim 50. Bat ukomm ass, léisst een nodenken a wat fir ee Moment wier besser gewielt ewéi no 19 Joer a 50 Blieder de Layout ofzeginn.

Mir, dat ass dat jëtzezt Redaktiounsteam, Marianne Brosius, Dany Hermes, Marie-Louise Haas, Lis Weber, Marc Kolber, Rol Miny, Frank Weyrich a Ren Spautz, hunn eis Gedanke gemaach, op mir ee Benevolën aus eiser Gemeng géife fannen, deen de Layout géif iwwerhuelen.

Den Numm Sven Bettendorf ass gefall an hie wier och bereet gewiescht fir et ze iwwerhuelen. D'Marianne huet eis d'Delphine Notarnicola virgeschloen a mir hunn déi Zweek an déi nächst Redaktionssetzung invitéiert, fir mat hinnen ze schwätzen.

D'Wiel ass op d'Delphine gefall, kréie mir dach elo mat him eng professionell Grafikerin an eist Team a mam Sven Bettendorf, eng weider redaktionell Hëllef. Och ech bleiwen als Redakter am Team a si frou doriwwer an esou enger gudder Ekip weider zum Gelänge vum Fëschbecher Gemengebat bäi ze droen.

Ech wëll op dëser Plaz awer och nach deene Verantwortleche Merci soen, si si et dach däi eis den Accord ginn, op eist Bat an där Form an de Print geet oder net.

Et waren dëst d'Buergermeeschteren Fern Braun, Charel Thilgen, Marianne Brosius a Fränk Daems, zesumme mat hire Schäfferéit, déi eis all déi Joren ënnerstëtzt hunn an eis encouragéiert hunn, weider ze maachen.

Fir d'Redaktiounsteam: Ren Spautz

Abrëll 2012 N° 30



**Fëschber
Gemengebat**



AUGUST 2015 N° 40



**FËSCHBER
GEMENGEBLAT**




DEZEMBER 2018 N° 50



**FËSCHBER
GEMENGEBLAT**



Informationunsblaat 2/99



COMMUNE DE FISCHBACH